

CORONAVIRUS COVID-19 EEGEN-ISOLATIOUN



Dëst Dokument adresséiert sech u Persone mat Féiwer oder Houscht, mat Verdacht op eng Infektioun mam neie Coronavirus (SARS-COV-2).

WAT DIR MAACHE MUSST WANN DIR FÉIWER ODER DEN HOUSCHT HUTT AN DIR DOHEEM BLEIFT.

Dir hutt d'Symptomer vun enger akuter Infektioun vun den Otemweeër zesumme mat Féiwer an Houscht, déi méiglecherweis op de neie Coronavirus (SARS-CoV-2) zeréckzeféiere sinn. Fir z'evitéieren datt de Virus sech verbreet musst Dir lech doheem isoléieren, an dat fir esou laang, wéi Ären Allgemengzoustand et zouléisst. Dës Recommendationne ginn lech un, wéi eng Precautiounen Dir an Ären Entourage huele musst.

Dir fannt all déi néideg Informatiounen iwwer den neie Coronavirus um Internetsite vun der Regierung:
www.covid19.lu

Suivéiert Äre Gesondheitszoustand



- Kontaktéiert en Dokter per Telefon (Tele-Consultatioun) wann d'Symptomer vun den Otemweeër sech verschlëmmen (z.B. Otemproblemer) a befollegt seng Uweisungen.
- Dir sidd eng besonnesch vulnerabel Persoun*: Kontaktéiert direkt - fir d'éischt iwwer Telefon - Ären Hausdokter. Deelt him mat, datt Dir eng Persoun mat Risikofacture sidd an datt dir Symptomer opweist.



Wann Dir eleng wunnt

- Loosst lech Är Liewensméttel an aner liewenswichtig Producten, wéi Medikamenter, vun der Famill/Frënn/engem Liwwerdéngscht bis un d'Dier liwweren.



* *Definitioun vu besonnesch vulnerabele Leit: Persone mat méi wéi 65 Joer a Persone mat Diabetes, kardiovaskuläre Krankheeten, chronischen Erkrankunge vun den Otemweeër, Kriibs oder enger Immunschwächt opgrond vun enger Krankheet oder enger Therapie.*

CORONAVIRUS COVID-19

EEGEN-ISOLATIOUN

Wann Dir mat anere Leit zesummelieft



- Installéiert Iech eleng an enger Kummer, loosst d'Dieren zou an iesst Är Moolzechten an Ärer Kummer. Lëft Är Kummer reegelméisseg.
- Evitéiert Visitten a Kontakter a verloosst d'Kummer just wann et néideg ass.
- Haalt op d'mannst 2 Meter Distanz zu anere Persounen.
- Benutzt Äert eegent Buedzëmmer Wann dat net méiglech ass, da wäscht de gemeinsame Sanitär (Dusch, Toilette, Lavabo) no all Benetzung mat engem gängegen Haushaltsdesinfektionsmëttel.
- Deelt Är perséinlech Haushaltsartikelen, wéi z.B. Wäsch, Glieser, Tassen, Kichegeschier, Dicher oder Bettgezei net mat anere Persounen. Nodeems Dir déi Géigestänn benotzt hutt, mussen dës grëndlech mat Waasser a Seef oder an der Wäsch-/Spullmaschinn gewäsch ginn.
- All Kleeder, Bettgezei an Dicher mussen reegelméisseg an der Maschinn gewäsch ginn.

Hännwäschen



- Dir selwer an Ären Entourage mussen sech reegelméisseg d'Hänn mat Waasser a Seef während minimum 20 Sekonne wäschen. Och bei der Zoubereedung vum Iessen, virun oder no engem Iessen, nodeems Dir eng Toilette benotzt hutt an zu all Moment wou Är Hänn e knaschtegen Androck maachen.
- Wa kee Waasser a keng Seef disponibel sinn, da wäscht Är Hänn mat engem Desinfektionsmëttel andeems Dir déi gesamt Fläch vun der Hand ofdeckt an d'Hänn reift bis se dréche sinn.

Bedeckt Äre Mond wann Dir houscht oder néitscht



- Houscht oder néitscht an den Ielebou oder en Nuesschnappech aus Pabeier.
- D'Géigestänn, déi Dir benotzt hutt fir de Mond ze bedecken, mussen dono gewäsch oder ewechgeheit ginn.
- Geheit d'Nuesschnappecher an eng speziell Dreckskeesch, déi an Ärer Kummer steet.

CORONAVIRUS COVID-19 EEGEN-ISOLATIOUN




Trefft all déi noutwendeg Precautiounen

- Offäll, déi mat Kierperflëssegkeete kontaminéiert sinn (Blutt, Schläim, Stull) mussen an eng speziell Dreckskecht geheit ginn, déi an Ärer Kummer steet, bevir se zesumme mat deenen aneren Haushaltsoffäll entsuergt ginn.
- Botzt an desinfizéiert deeglech all Uewerfläche mat deenen Dir a Kontakt waart, wéi Nuetsdësch, Bettgestell oder aner Miwwelen an der Schlofkummer, mat engem gängegem Haushaltsdesinfektionsmëttel.
- Botzt an desinfizéiert all Uewerflächen am Buedzëmmer an op der Toilette no all Benotzung mat engem gängegem Haushaltsdesinfektionsmëttel.



Schluss vun der Eegen-Isolatioun

- 24 Stonnen nodeems keng Symptomer méi do sinn.
- Befollegt weider d'Reegele vun der Hygiène.



Wéi soll een sech géigeniwwer vu sengem Ëmfeld (déi am selwechten Haushalt liewen, intim Bezéiungen) verhalen?

- Informéiert déi Leit mat deenen Dir zesummelieft oder mat deenen Dir eng intim Bezéiung an deenen 48 Stonne virum Optauche vun de Symptomer hat, esou dass si kënnen hire Gesondheetszoustand iwwerwaachen an sech an Eegen-Isolatioun setzen esoubal si Symptomer weisen.

FIR WEIDER INFORMATIOUNEN:

 covid19.lu
 8002 - 8080

